ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der

Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Et ass mir zu Ouere komm, datt d'Inspection générale de la police (IGP) an Zukunft mat deene selwechten Apparater soll equipéiert ginn wéi de SREL, fir kënnen Ecouten ze maachen.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Fro stellen:

1. Ass et wouer, datt d'IGP soll mat esou Apparater equipéiert ginn?
2. Op wat fir enger legaler Basis däerf d'IGP an de Besëtz vun Apparater komme fir kënnen Ecouten ze maachen a wat fir eng legal Basis hunn dës Ecouten?
3. Wat fir Kontrollmechanismen si fir dës Ecoute virgesinn a wéi ginn se applizéiert?
4. Am Fall vun engem Verdacht an/oder enger Reklamatioun géint e Member vun der IGP: Wien ass berechtegt eng Enquête maachen a wéi sinn d'Prozedure fir dës Enquête?
5. Am Fall vun engem Verdacht an/oder enger Reklamatioun géint de Generalinspekter vun der Police: Wien ass berechtegt eng Enquête ze maachen a wéi sinn d'Prozeduren fir dës Enquête?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique